N°6740
Entrée le 30.08.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 31.08.2022

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30. August 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir den ëffentlechen Déngscht, d'Madamm Justizminister, den Här Policeminister an den Här Schoulminister weiderzeleeden.

Den 30. August war ënnerhalb vu bësse méi wéi engem Mount am Lëtzebuerger Wort op en Neits e schockéierenden Artikel iwwer Gewalt bei Jugendlechen ze liesen. E jonke Bouf vun zwielef Joer konnt no engem brutalen Iwwerfall vun enger Gang, déi an de selwechte Lycée geet wéi hien, mat Certificat médical siwe Wochen net an d'Schoul goen. D'Dot gouf gefilmt a souwuel am Bouf senger Schoul, wéi och an anere Lycéeë verbreet. Seng Elteren hunn hien aus Sécherheetsgrënn all Dag misse mam Auto féieren, fir d'Rentrée wiesselt hien an d'Ausland. Souwuel de Bouf selwer wéi d'Famill kruten ëmmer rëm bedrolech Message vun der Gang geschéckt an et goufe souguer falsch Denonciatioune bei der Police géint de Bouf virbruecht. Zwee vun de betraffenen Täter goufe mëttlerweil vun der Police festgeholl an a Jugendhaft bruecht, déi aner si weider op fräiem Fouss a bretzen sech dem Artikel no an de soziale Medie weider mat hirer Muecht.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Wéi steet d'Regierung allgemeng zu deenen am Artikel beschriwwene Fakten?
2) D'Lëtzebuerger Wort verweist drop, datt de betraffene Bouf, ëm deen den Artikel sech dréit, säi Fall och am CEPAS vun der Schoul gemellt hätt, mee, datt hei keng weider Moossnamen ergraff gi wieren, well et sech net an der Schoul selwer ofgespillt hätt. Gesäit d'Regierung hei e Verstouss géint den Artikel 23 vum Code de procédure pénale respektiv eng méiglech non-assistance à personne en danger? Falls jo, mat wéi enge Konsequenzen hunn déi betraffe Membere vum Schoulpersonal ze rechnen? Gesäit d'Regierung doriwwer raus weider Moossname vir, fir datt betraffenen Affer a sou engem schwéiere Fall automatesch besser duerch d'Schoulpersonal kënnen encadréiert ginn?
3) Souwuel hei, wéi och an engem änlech gelagerte Fall deen de Juli an der Press thematiséiert gouf, hunn Affer an Täter sech aus der Schoul kannt. Kann d'Regierung elaboréieren, wéi eng Mesure fir d'Rentrée op allen Niveauen en Place gesat goufen, fir, datt déi eenzel Autoritéite méi séier, effikass a koordinéiert kënnen agräifen an Affer besser geschützt kënne ginn?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, a vun der Justizministesch, Sam Tanson, op d'parlamentaresch Fro Nr. 6740 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup**

**Ad 1)**

D'Regierung veruerteelt all Akt vu Gewalt an huet hir Positioun zu däser Thematik schonn an den Äntwerten op d'parlamentaresch Froen Nr. 6534 an 6539 vum honorabelen Deputéierten, wéi och an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro Nr. 6735 vun den honorabelen Deputéierte Martine Hansen a Marc Spautz duergeluecht.

**Ad 2)**

Mir sinn net an der Lag, d'Informatiounen, déi an der Press publizéiert goufen, kënnen ze confirméieren. Ënner anerem, well den dokumentéierte Fall sech net an enger ëffentlecher Schoul zougedroen huet. Doriwwer eraus, ennerläit d'Fro vum Verstouss géint den Artikel 23 vum Code de procédure penale, respektiv vun der Existenz vun enger Strofdot, der Appreciatioun vun de Justizautoritéiten, déi der Kompetenz vun der Exekutive entgeet.

**Ad 3)**

Och dës Informatioun kann net confirméiert ginn. Am Géigendeel, den aktuellen Informatiounsstand léisst dorop schléissen, datt déi concernéiert Jugendlech aus ënnerschiddleche Regiounen vum Land stamen, an sech net op eng oder méi Schoule konzentréieren. Déi Jugendlech sti virun allem iwwer sozial Medien an Kontakt mateneen. Och d'Doten, déi deene Jugendlechen zur Laascht geluecht ginn, hu gréisstendeels ausserhalb vun der Schoul stattfonnt.

Et ass en Denkfeeler ze mengen, datt déi festgestallte Gewalt ënner deene Jugendlechen e Phänomen vun der Schoul wier. D'Schoul ass e wichtege Liewensraum vun deene Jonken, an deem si vill Zäit verbréngen. Dofir ass d'Problematik vun der Gewalt ënner Jugendlechen och eng, déi am Schoulëmfeld thematiséiert gëtt. Mee d'Schoul ass an aller Reegel e séchere Raum. Et ass net ëmsoss, datt genau deen Tëschefall, deen an enger Schoul stattfonnt hat, an deen iwwer e Video an de soziale Medie gedeelt gouf, dozou gefouert huet, datt d'Täter opgeflu sinn a Poursuitten ergraff goufen.

D'Schouldirektioun huet den Dag selwer wou si Kenntnis vun dem Gewaltvideo kritt huet, dësen der Police gemellt, déi hir Enquête opgeholl huet. Grad well déi aner Tëschefäll an der Fräizäit ausserhalb vun der Schoul stattfonnt haten, huet et bis zu deem Zäitpunkt gedauert, bis dës Situatioun bekannt gouf.

Mir sinn eis bewosst, datt d'Schoul déi Plaz ass, wou vill Mëssstänn, déi an der Famill oder an der Gesellschaft herrschen, visibel ginn. D'Kanner an déi Jugendlech mussen an der Schoul déi Vertrauenspersoune fannen, déi et hinnen erméiglecht sech unzevertrauen. Dofir wäert an deene kommende Méint och d'Konzept vun engem "Child Protection Officer" an de SePASen ëmgesat ginn

fir de Schülerinnen a Schüler kloer ze maachen, wéi eng Hëllef si do kréien a wéi eng vertraulech Prestatioune vun Ënnerstëtzung, Informatioun a Berodung hinnen an der Schoul zur Verfügung stinn.

Lëtzebuerg, de 4. Oktober 2022

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH